

Grupp unzeerkennen, wou et nun eemol geographesch läit. Et gëtt eng Rei geographesch Gruppen. Dat eent ass Afrika, dat anert sinn Nordamerika, Latäinamerika, Westeuropa, Osteuropa, Mëttleren Osten an ebe Südasien, Westasien, de Pazifik an de Far East.

Israel ass nun eemol op där geographescher Plaz, wou et ass, an ech mengen, de Fong vun där Saach hei ass effektiv ganz héich politesch. Et ass net nëmmen eleng hei, wou dee Problem sech stellt. Et ass a villen internationale Gremien, wou déi Problematik sech stellt, mä ech kann awer, wéi gesot, wat de Fong ubelaangt, lech nëmmen dat recommandéieren, wat den Här Calmes lech och scho recommandéiert huet, dat heescht, Ären Accord zu dëser Konventioun ze ginn, wat et nämlech géif erméiglechen, wann dann iergendwéi nees de Konsens an de Bon-sens och an deem doten Deel vun der Welt géifen duerchschoen, fir eng besser Representatioun vun enger Rei Länner kennen ze gewährleeschten.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4740 a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet de loi si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalte sech.

De Projet de loi ass mat 53 Jo- a 6 Neen-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par M. Ady Jung), Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Claude Wiseler), Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, M. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

*Ont voté non:* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4741, eng Konventioun iwwert d'Sécherheet vum UNO-Personal.

Et si schonn ageschriwwen déi Häre Wiseler a Fayot.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

## **7. Projet de loi 4741 portant approbation de la Convention sur la sécurité du personnel des Nations Unies et du personnel associé, faite à New York, le 9 décembre 1994**

*Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense*

**M. Emile Calmes (DP), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et hei mat engem Gesetz ze dinn, duerch dat mer eng Konventioun ëmsetzen, wou et ëm d'Sécherheet vum Personal vun de Vereenten Natiounen, respektiv ëm dat associéiert Personal geet. Dat Gesetz ass den 18. Dezember 2000 déposéiert ginn. Schon den 29. November 2000 hat de Statsrot säin Avis favorable zu dësem Gesetz ginn.

Ëm wat geet et? Zënter dem Enn vum kale Krich hunn a sech d'Friddensmissiounen vun der UNO an och aner humanitär Missiounen drastesch zougeholl, bedéngt duerch déi vill lokal Konflikter, déi an der Welt entstane sinn, an och déi sëllege Biergerkriicher wéi a Ruanda oder Ex-Jugoslawien. Dat sinn nëmmen zwee Beispiller dovun.

Dat huet natierlech mat sech bruecht, datt ëmmer méi Personal vun de Vereenten Natiounen zum Asaz komm ass, a wat méi Personal zum Asaz kënnt, wat de Risiko méi grouss gëtt, dass d'Zuel vun den Affer eropgeet, bedéngt duerch oft onsécher oder gespaante Waffestëllstänn, respektiv duerch Minnen, respektiv duerch ganz Flüchtlingspopulatiounen, déi sech net eens sinn, respektiv awer och duerch d'Hëllefsmaterial, dat deenen entgéint bruecht gëtt, déi et esou néideg hunn, dat och benotzt gëtt vun deene verschiddene Krichssäiten, fir sech dann nach um Bockel vun den UNO-Leit ze zerstreiden.

Den UNO-Fändel an och och de Rout Kräiz-Fändel hunn a sech net méi deen dissuasive Charakter an dësen dach recht komplexe Kricher, wou kee schrecklech Rücksicht op deen aneren hält an och oft keng Rücksicht op déi Leit geholl gëtt, déi fir hir eege Sécherheet solle suergen.

Dofir huet d'UNO decidéiert, datt sollen Négociatione gefouert ginn, fir datt esou eng Konvention soll ausgeschafft ginn, déi awer dem Personal vun der UNO méi Sécherheet géif garantéieren. Dat ass 1993 op Grond vun engem Memorandum vun Neuseeland geschitt. Et ass e Comité ad hoc agesat ginn am März 1994, dee schonn am Oktober 1994 zu engem Resultat komm ass. D'Resultat dovun ass dës Konvention, eng Konvention, där nogesot gëtt, si hätt en onkomplette Charakter. Et gëtt drop higewisen, dass, well se esou séier konnt geschriwwen ginn, se eben onkomplett wier. Firwat ass se onkomplett? Am Artikel 2.1. vun der Konvention gëtt de Champ d'application vun dësem Gesetz definéiert an et gëtt gesot, op wat dës Konvention sech bezieht.

Do steet dran, dass se sech op all „opérations de maintien et de rétablissement de la paix“ géif bezéien, schléisst allerdéngs am Artikel 2.2. déi Operationen aus, déi op Grond vun enger Décision vum Sécherheitsrot geholl gi sinn, op Grond vum Artikel 7 vun der Charte vun de Vereenten Natiounen, déi awer eng bewaffnet Mission sinn. Déi géifen also dann net dozou zielen, obschonn dës Aktiounen och e „caractère de maintien et de rétablissement de la paix“ hunn an oft en humanitäre Charakter.

Déi Konvention dréit also dem hybride Charakter vun dëse Friedensmissionen, déi oft e militäreschen an en humanitären Zweck hunn, keng Rechnung an ass u sech domat net komplett.

Dat war d'Haaptfro un dës Konvention a firwat dass gesot gëtt, dass se net komplett ass.

Déi Konvention huet iwwer 20 Artikelen. Do gëtt zum Beispill gesot, dass dat Personal, dat der UNO ënnersteet, muss e Signe distinctif hunn. Et gëtt am Artikel 5 festgeluegt, dass d'Transitlänner müssen derfir suergen, dass d'Personal an d'Material kënnen derduerch fueren. Am Artikel 4 müssen d'Gastgeberlänner all Mesuren huelen, fir d'Sécherheet vun de Leit ze garantéieren. Och ginn déi Länner am Artikel 9 invitéiert, Penalbestëmmungen ze maachen, dass déi, déi déi Leit aggresséieren an hir Sécherheet a Fro stellen, kënnen dofir bestrooft ginn. Just bei dësem Artikel 9 huet de Statsrot gemengt, dass déi Lëtzebuerger Penalbestëmmungen géifen duergoen, fir deem Artikel nozekommen. Dat sinn déi Haaptsachen, déi dra sinn. Am schréftleche Rapport kennt Der méi Detailler noliesen.

Och wann dës Konvention d'Problemer ëm d'Sécherheet vum Personal vun der UNO net alleguer wäert

léisen, ass et awer e Schrëtt an déi richteg Richtung. Andeem mer dat Gesetz hei ëmsetzen, brénge mer och de Wëllen zum Ausdrock, dass mer besuergt sinn ëm d'Sécherheet vun deem Personal, wat a Friedensmissionen am Numm vun eisem Land dobaussen aktiv ass.

Ech soe merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Claude Wiseler.

#### *Discussion générale*

**M. Claude Wiseler (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Calmes merci soe fir säin ausféierleche Bericht, awer och e puer Gedanke virbréngen zu dëser wesentlecher Konvention.

Am Laf vun der Zäit hu sech déi friedenserhalend Missionen am Kader vun der UNO grondleeënd, denken ech, geännert, a säit dem Zesummebroch vum Kommunismus sinn an der Welt eng Rei lokal Konflikter entstanen. Beispill si virdru scho genannt ginn. Et kann een d'Balkankris an den Zerfall vu Jugoslawien nennen. Déi bluddeg Massakeren un der Bevölkerung hu gewisen, dass déi Konflikter eleng op diplomateschem Wee net geléist kënnen ginn.

Déi international Gemeinschaft ass sech bewosst ginn, dass militäresch an humanitär Aktiounen méiglech sinn, fir en dauerhafte Fridde kënnen ze erreechen. Aus deem Bewosstsinn sinn ëmmer méi Zaldoten, international Organisations an ONGen an d'Kriseregionen geschéckt ginn. Esou Operationen si selbstverständlech geféierlech fir d'Liewe an d'physisch Integritéit vum militäreschen an zivile Personal, wat um Terrain aktiv ass. Ganz séier kënnen se d'Zilscheif gi vun Ugrëffer duerch Milizen a kriminell Banden. Traureg Héichpunkter waren an der Vergaangenheet d'Ermuerdung an Tschetschenien vu sechs Mataarbechter vum Comité international vun der Croix Rouge a vun dräi Membere vu Médecins sans frontières am Ruanda.

Aus deem Grond ass am Kader vun der UNO den 9. Dezember 1994 déi Konvention ënnerschriwwen ginn, iwwert déi mer haut ofstëmmen. D'Objektiver si virdru genannt ginn: Schutz vun deene Leit, déi a friedenserhalende Missionen aktiv sinn, a Sanktiounen géint d'Responsabel vun den Aggressionen.

Ënnert de Schutz vun där Konvention fällt d'Personal vun der UNO, dat a friedenserhalende Missionen aktiv ass, wéi Zaldoten, Polizisten an aner Zivilisten, mä och dat associéiert Personal fällt dorënner, wéi zum Beispill d'Membere vun Organisations non gouvernementales.

Fir wéi eng Operationen ass dës Konvention applicable? Wann een den Artikel 1 liest, sinn et all Operationen, déi zum Objet d'Erhale vum Frieden am

Kader vun der UNO hunn, a wou en exceptionnelle Risiko fir d'Sécherheet vum Personal besteet. Mä den Artikel 2 seet, dass coercitiv Operatiounen, wou géint bewaffnet an organiséiert Truppe gekämpft gëtt, net ënnert de Schutz vun der Konventioun falen. Op deenen zwee Punkte kënnen awer selbstverständlech Problemer optauchen. Den Här Calmes huet dat virdru klor gesot.

D'Konventioun gëtt an dësem Fall keng kloer Äntwert op d'Fro, ob och déi hybrid Operatiounen drënner falen, dat heescht, wou et souwuel e militäresche Volet wéi och en humanitäre Volet gëtt. An der Praxis gëtt et awer esou Missiounen ëmmer méi.

Weiderhi muss ee sech Froen iwwert de Sënn an d'Pertinenz vun der Konditioun stellen, no där de Sécherheitsrot oder d'Assemblée générale vun der UNO formell muss deklariéieren, dass en exceptionnelle Risiko fir d'Personal besteet. Esou eng Deklaratioun ass an der Praxis sécher politesch schwéier duerchsetzbar weinst eventuelle Pressiounen vu Länner, déi esou eng Deklaratioun wëlle verhënneren. Dës Froen an Ambiguitéite si bedauerlech. Si däerfen eis awer net dervun ofhalen, dëst Gesetz ze stëmmen.

D'Konventioun definéiert och nach déi Infraktiounen, déi ënnert d'Prinzipie vun dëser Konventioun falen, esou wéi d'Obligatiounen, déi d'Personal un d'Staten an dësem Kontext huet.

E puer Wuert wëll ech nach kuerz soen iwwert d'Aspekter vun de strofrectleche Moosnamen. D'Zesummenaarbecht vun der Strofverfolgung kritt e Kader, zum Beispill um Niveau vum Informatiounsautausch an der Sécherung vu Beweismëttel. D'Méiglechkeet vun enger Extraditioun ass och virgesinn.

Ofschléissend wëll ech soen, dass d'Ratifikatioun vun der Konventioun, déi och de Statsrot recommandéiert, fir Lëtzebuerg vu Wichtegkeet ass. Ech erënneren drun, dass Lëtzebuerger Zaldoten u friddenserhalende Missiounen deelhuefen. Et gëllt ganz sécher, deenen hir Sécherheet och ze garantéieren.

Aus deem Grond ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord zu dësem Gesetzesprojet a soe merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Ben Fayot.

**M. Ben Fayot (LSAP).**- Här President, no deenen zwee Virriedner, déi all déi Virbehalter ausgedréckt hunn, déi ee ka vis-à-vis vun dëser Konventioun hunn, déi trotzdem awer och Avantagen huet, wëll ech den Accord vu menger Fraktioun derzou bréngen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Jacques-Yves Henckes.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Ausseminister.

Ass alles an der Rei?

**Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.**- Ech hoffen.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugehall.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4741.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass mat 58 Stëmme bei enger Abstentoun ugehall.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert (par Mme Nelly Stein), Ady Jung, Nico Loes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Patrick Santer), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Emile Calmes), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*S'est abstenue: Mme Lydie Err.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdung, d'Diskussioun vum Projet de loi 4505. Et si bis elo ageschriwwen: d'Häre Schank, Wohlfart, Bettendorf, Colombera, Huss a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den Här Alexandre Kriepps.

## **8. Projet de loi 4505 portant approbation de la Convention commune sur la sûreté de la gestion du combustible utilisé et sur la sûreté de la gestion des déchets radioactifs, fait à Vienne, le 5 septembre 1997**

*Rapport de la Commission de l'Environnement*

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4505 befaasst sech mat der Ratifikatioun vun der Wiener Konventioun vun 1997 iwwert d'Sécherheet vun der Gestiou vum nuklearen Offäll. Et geet also ëm d'Gestiou vum der Endlagerung, dat heescht den Transport an d'militäresch Offäll si vun där Konventioun ausgeholl.

Dës Konventioun reit sech d'ailleurs an eng Suite vu Konventiounen an, ënner anerem déi iwwert d'Nuklearsécherheet vun 1994. Fakt ass, dass op där eiser Welt vill Atomoffäll sinn, elo schonn, a folglech, ob een et gären huet oder net, mussen déi Atomoffäll entsuergt ginn. Mir verweisen op déi extensiv Dokumentatioun, déi Dir kritt hutt, haaptsächlech déi Kollegeen, déi an der zoustänneger Kommissioun setzen.

An dësem Jorhonnert, dat gouf schonn hei op der Tribün gesot, ass dat hei e Sujet, dee permanent mat eis wäert weidergoen, well déi Entsuerung erstreckt sech iwwer Jordausenden oder souguer Honnerte vu Jordausenden. A Frankräich gëtt déi heiten Diskussioun säit 10 Joer an an Amerika säit 14 Joer gefouert.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Dat stéiert mech guer net. Loosst e viru schwätzen, Här President!

**M. le Président.**- Da fuert virun, Här Kriepps!

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Et lauschtert souwisou keen deem aneren no!

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Et ass effektiv esou, mä dat ass och net schlëmm.

*(Hilarité)*

**M. Jeannot Krecké (LSAP).**- Dat ass oft grad sou gutt!

**M. Alexandre Kriepps (DP), rapporteur.**- Ech mengen, bei lech lauschteren der nach manner no, wann ech

dat esou kucken, mä mir sinn hei net op engem d'DP-Nationalkongress. Dir kommt d'nächst Joer drun, maacht lech keng Suergen.

An Amerika sinn 108 Atomwierker, déi hiren Atommüll op hire Sitë stockéieren. Rezent zum Beispill - fir déi Leit, déi sech fir d'Geographie interesséieren - ass d'Debatt lass getréppelt ginn, fir ënnert dem Yucca-Bierg am Nevada deen Atommüll ze stockéieren. A Russland huet den 18. Abrëll d'Duma decidéiert, Nuklearoffäll ze importéieren, folglech wäert do och en ekonomeschen Aspekt dermat verbonne sinn. Mir gleewen hei net, dass eist klengt Lëtzebuerg, dat vun dräi Nuklearlänner ëmginn ass, déi allen dräi déi Konventioun ënnerschiwwen hunn, sech vun dësem Problem kann distanzéieren. Déi Konventioun soll eis net egal sinn. Et geet hei ëm d'Endlagerung vun deene Produkter an dat net nëmmen an eise Grenzgebieder. Eis interesséiert och, wat mat dem Atommüll an Argentinien oder am Pakistan geschitt.

Ech géif mengen, hei zwee Leit missen ervirzehiewen. Deen éischten duerch säi verbassenen Asaz zu Wien, de fréiere Patron vum Strahleschutz, den Här Paul Kayser, deen et Lëtzebuerg erméiglecht huet, Accès zu deenen Dossieren am Ausland ze kréien, esou laang natierlech dës Länner matmaachen. Wa se net matmaachen, sinn awer Schlichtungsinstanze virgesinn. Zumindest ka Lëtzebuerg op dee prozeduralen Oflaf en Afloss kréien, och wann et net nécessairement um Contenu en Afloss huet.

En anere Mënsch, deem ech hei merci soen - an dat hunn d'Kollegen an der Chamberkommissioun materlieft -, ass de Michel Feyder, och e Strahleschützer, an deen huet eis iwwer e puer Problemer opgekläert, ënner anerem d'Reversibilitéit - et sinn Noriedner vu mir, déi doriwwer schwätze wäerten -, d'Gefor fir d'Grondwaasser, d'Mémoire administrative a verschidden Aarte vum Atommüll, déi momentan op der Iwwerfläch stockéiert gi bis se ofgekillt sinn, nëmme fir lech ze soen, wéi laang dat dauert. Hei ass also e Problem, deen haaptsächlech och en ethesche Problem ass. Och wa verschidde Länner - an den Här Huss wäert eis herno doriwwer ënnerhalen - aus der Nuklearindustrie erausklammen, wäerte se nach iwwert Jordausende missen den nuklearen Know-how beherrschen, fir dat alles ze entsueren, wat mer elo schonn hunn.

Och zu Lëtzebuerg misste mer déi Verwaltung, déi sech dodrëm bekëmmert, personalméisseg opstocken an op auslännesch Expären zrëckgräifen. Dat ass noutwendeg.

Een anere Problem, deen op eis duerkennt: Loosse mer déi Sécherheetsnormen ausschliesselech vun den Atombehörde fixéieren oder souguer vun Organisme wéi a Frankräich déi Agence nationale pour les déchets radioactifs, déi zwar onofhängeg ass, awer do misst ee vu vireran - an den Här Huss wäert och